ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 10/11/2022

Rapport vun der Integratiounskommissioun vum 25.10.2022

Presenzen

Present	Net present
Wieditz Gabriele (vice-présidente) , Asselborn Tanja (secrétaire), Fernandes José, Noesen Henri, Graff Yolande, Milmeister-Naik Amina, Heinz Joé (membres)	Ruef-Vogt Liselotte , Ludwig Patrick , Moreira Cardoso Carlos, Simon-Stammet Nathalie , Christiane Eicher-Karier, Vosman Joske

Punkt 1 Introduction

Punkt 2 Chrëschtmaart

Präsenz Veräiner: Bruzzis, FC Brouch, Schéissclub, Bricher Suebelmouken, Bricher Klatzkäpp, Bididu Team Lëtzebuerg
Präsenz Léierpersonal: Lommel Caroline, Schiffmann Véronique, Schmitz Kim

De José mécht de Résumé vun der Organisatioun vum Chrëschtmaart (17. & 18.12.2022) um Site vun der Koll zu Bruch. D'Virdeeler vum Site sinn d'Benotzung vun der Koll, der Kiche vun der Koll an den Toiletten. Den Theatersall vum Campus wäert genotzt gi fir ee Concert vun der Museksschoul, samschtes den 17.12.2022 um 16:00 Auer.Den Areal vum Chrëschtmaart ass an derKoll an tëschent der Koll an der Sportshall.

Hei ass d'Opdeelung vun den Aktivitéite vun de Veräiner:

Club	Activité
Bricher Klatzkäpp	Pannecher oder eng Alternative
Bididu Team Lëtzebuerg	Kniddelen
CDJ Bricher Suebelmouken	Glühwäin
Bruzzis	Kannerpunsch, Äppelpunsch, Glühgin, Racletteschmier
Schéissclub	Thüringer / Hamburger
FC Brouch	Gedrénks
Elterevereenegung	**Kuch, Schoki, Kaffi?**
Gaart an Heem	**Eisekuchen?**

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 10/11/2022

D'Gemeng huet fir d'Joer 2023 Chalete kaf, déi ënneranerem fir de Chrëschtmaart kënne genotzt ginn. Aktuell ass d'Gemeng am Gange ze kucken, wou fir d'Editioun 2022 Chalete kënne gelount ginn.

D'Horaire vum Chrëschtmaart ginn op folgend Zäiten adaptéiert:

- **samschtes: 15:00-21:00 Auer**
- **sonndes : 15:00-19:00 Auer**

Sonndes ass och nach eng musikalesch Opféierung geplangt. Als Proposë ginn d'Musek Gemeng Helpeknapp, de Männerchouer Béiwen/Attert oder d'Sëller Musek genannt.

Et soll zesumme mat der Gemeng ee Konzept ausgeschafft ginn wou d'Chalete sollen opgeriicht ginn. D'Gedrénks an d'Eisekuchen mam Kaffi kéinten an der Koll servéiert ginn an d'Iessen an de Chaleten. Et soll kee Pfand méi um Material gefrot ginn.

D'Léierpersonal vum Campus Helperknapp huet folgend Iddie fir de Chrëschtmaart ausgeschafft:

- **samschtes**: Concert mat de Schoulkanner um 18:00 Auer (nom Concert vun der Musekssschoul), dëse Concert kéint op zwee Deeg opgedeelt ginn, Verkaf vu Bastelsaache a Kuch vun de Schoulkanner. Dëst ass eng Zesummenaarbecht vum Léierpersonal an dem Personal aus der Maison relais.

Sie schloe fir de Verkaf vun hiere Bastelsaachen am Hall vun der Schoul z'organiséieren an dann och d'Chaleten virun der Schoul oder beim Verkéiersgaart opzestellen. Dës Demande gëtt mat an den nächste Schäfferot geholl.

Um Site soll och een Zelt opgeriicht gi wou d'Leit kënnen Iessen an Drénken.

De Flyer vum Chrëschtmaart gëtt un all d'Haushalter an der Gemeng ausgedeelt. De Programm muss bis Enn November stoen (14 Deeg virdun). Et soll ebenfalls um Site a Facebook vun der Gemeng publizéiert ginn, vlaicht kéint et och nach am nächste Gemengebuet publizéiert ginn (falls dëst am Délai méiglech ass).

Den Erléis vum Chrëschtmaart gëtt un 2 Associatioune gespent, déi nach vun der Kommssioun erausgesicht ginn.

Den Heng proposéiert eng Opféierung vum Lex Gillen (Kultrun asbl) fir d'Leit um Chrëschtmaart mat Geschichten ze belustegen.

Eng zweet Versammlung zesumme mat de Veräiner an dem Léierpersonal fënnt dënschtes den 15. November 2022 um 19:30 Auer an der Koll zu Bruch statt.

De Scholtes Pierre huet ugefrot fir während der Organisatioun vum Chrëschtmaart bei der Koll eng Parkplaz reservéiert ze kréien fir d'Uliwwerung vu Material fir d'Iessen.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 10/11/2022

Punkt 3 Rapport vum 27.09.2022

De Rapport vun der Sëtzung vum 27. September 2022 ass approuvéiert. Dëse kann elo um Site vun der Gemeng publizéiert ginn.

Punkt 4 Soirée de Bienvenue

D'Koll ass vun der Gemeng aus fir d'Soirée de bienvenue reservéiert. De Stéphane Mossay aus der Jugendherberg Huelmes këmmert sech ëm de Catering, sou wéi och d'lescht Joer. Den Yves Munchen ass am Gangen d'Powerpointpresentatioun fir 2022 z'adaptéieren. D'Presentatioun gëtt op 3 Sprooche gemaach: LUX/FR/ENG.

An der Reunioun vum 15. November 2022 soll iwwert d'Präsentatioun gekuckt ginn a gekläert ginn,wien wéi eng Partie vun der Präsentatioun iwwerhëllt.

Punkt 5 GRESIL

D'Amina wäert online um GRESIL vum 09.11.2022 deelhuelen.

Punkt 6 Divers

D'Gabriele informéiert d'Kommmissioun iwwert d'Fête de Vivre ensemble, déi samschtes den 17.12.2022 vun 14:00-18:00 Auer am Foyer Mariendall stattfënnt. Vun der Kommissioun wäerten d'Gabriele an d'Yolande um Fest deelhuelen.

Déi nächst Reunioun, fënnt **den 15. November 2022 um 19:30 Auer** an der Koll zu Bruch statt.

Enn vun der Reunioun: 21:40 Auer